

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Abrëll 2022

Här President,


esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir den ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

D'Roll vum Handwierk an der Gesellschaft an notamment der entsprecherender Berufsausbildung souwéi d'Karriäre vum Handwierk am ëffentlechen Déngscht ass en Thema, wat zu Lëtzebuerg ëmmer rëm kontrovers diskutéiert gëtt.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Minister fir den ëffentlechen Déngscht gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister elaboréieren, wéi déi Decisioun motivéiert ass, fir eng Meeschterprüfung mat engem Diplôme de fin d'études secondaires/secondaires techniques / Diplome de techniciens gläichzestellen, obwuel dem lëtzebuergeschem Qualifikationsrahmen no de Meeschtertittel um Niveau 5 agestuft ass an den Diplôme de fin d'études secondaires/secondaires techniques / Diplôme de techniciens jeeeweils um Niveau 4 agestuft ass?
- 2) Duerch den néien Accord mat der CGFP wou Karriär D1 a Karriär C1 gehuewe gëtt, fällt fir déi Léit déi d' Meeschterprüfung hunn d'Prime vun 10 Punkten ewech. Gläichzäiteg gëtt d'Meeschterprüfung op de selwechten Niveau gesat wéi en Diplôme de fin d'études secondaires/secondaires techniques / Diplôme de techniciens. Kann den Här Minister matdeelen, wéi hien déi laangfristeg Konsequenzen vun dëser Decisioun op d'Berufsbild vum Handwierksmeeschter am ëffentlechen Déngscht beurteelt?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten



**Äntwert vum Här Minister fir d'Fonction publique Marc Hansen op d'parlamentaresch Fro  
n°6073 vum 19/04/2022 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup iwwert d'Karriär vum  
Artisan an der Fonction publique**

Fir op déi éischt Fro vum honorabelen Deputéierten ze äntweren, muss ech direkt kloerstellen, datt eng Meeschterprüfung net mat engem Diplom de fin d'études secondaires gläichgestallt ass. Duerfir hunn déi Diplomer jo och verschidden Niveauen am Cadre luxembourgeois des qualifications (CLQ). De Minister fir d'Fonction publique huet och keng Kompetenz fir Diplomer gläichzestellen, mee a senger Roll als Vertrieeder vum Employeur Staat ass de Minister fir d'Fonction publique kompetent fir den Accès an déi verschidde "Groupes de traitement" oder "Groupes d'indemnité" ze regelen.

Et gëtt an der Fonction publique kee "Groupe de traitement" oder "Groupe d'indemnité" wou den Accès exklusiv reservéiert ass fir Kandidate mat engem Diplom deen am Niveau 5 vum CLQ klasséiert ass. Mir hunn och keng Fonctioun wou een Diplom vum Niveau 5 eng spezifesch Konditioun ass fir rekrutéiert ze ginn.

Et ginn och nach aner Niveaue vum Diplomer am CLQ wou et kee spezifesch "Groupe de traitement" oder "Groupe d'indemnité" beim Staat gëtt, dat ass beispillsweis de Fall fir Diplomer am Niveau 1, 2 an 8.

D'Zil vum rezenten Accord mat der CGFP ass effektiv eleng d'Harmonisatioun vum de "Carrières inférieures" beim Staat. Et geet hei ëm eng Fusioun vu Carrièren am Sënn vum engem kohärenten Opbau, deen och eng administrativ Vereinfachung mat sech bréngt, an net am Sënn vum enger Opwärtung vum Diplomer. D'Logik vum dëser Harmonisatioun besteet doranner, Agente mat 5 Joer Réussite am Secondaire oder mat engem DAP an de "Groupe de traitement" oder "Groupe d'indemnité" C1 ze klasséieren, an Agente mat mander Studien an de "Groupe de traitement" oder "Groupe d'indemnité" C2.

Aus deem Grond gëtt d'Carrière vum Artisan, mat oder ouni DAP, vum "Groupe de traitement" D1 an de "Groupe de traitement" C1 klasséiert. Duerch déi implizitt Opwärtung geet d'Masse salariale an d'Luucht.



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Fonction publique

Et geet also an dësem Projet iwwert d'Harmonisatioun vun den ënneschte Karriären, net ewéi iertemlech ugedéit ëm eng Opwärtung vu Karriären oder eng Aféierung vun neie Karriären ausserhalb vun den ënneschte Karriären.

De Gesetzesprojet, deen den Accord soll ëmsetzen, ass amgaang finaliséiert ze ginn, a wäert deemno an deenen nächste Méint och an der CHD déposéiert an diskutéiert kënne ginn.

Lëtzebuerg, de 16. Mee 2022

De Minister fir d'Fonction publique

(s.) Marc Hansen